LSAP

John **Lorent**

TÉITENG

Buergermeeschter Käl
Fonctionnaire d'Etat

D'Regierung muss regéiren. Dat heescht am Interessi vum Land a sénge Bierger handelen. Dat bedéit virun allem awer zesummen an net géinteneen d'Erausfuerderungen vun eiser Zäit ugoen.

Mat 26 Joer am Käler Gemengerot, dovu bis elo 8 Joer als Buergermeeschter, gehéieren ech zu deenen erfuerene Gemengepolitiker op eiser LSAP-Lëscht. Als Beamte vun der Direktioun vum Enregistrement zoustänneg fir esou wichteg Gebitter wéi d'Akte vun den Notären, d'Ierfschaftsrecht an d'Hypothéiken, hunn ech mäin Deel dozou bäigedroen, déi al Pabeier-Prozeduren am Kader vun der "Publicité foncière" ganz ze informatiséieren an domat Prozeduren, déi méi wéi 200 Joer al waren, grondleeënd ze erneieren an am Interessi vum Bierger a vun de Beamten ze moderniséieren.
Déi ëffentlech Saach, d',res publica' stoung ëmmer am Mëttelpunkt vu mengem Asaz. Meng Erfahrung am Zesummenhang mat den Immobilien, mat den Ierfschaften a mam ëffentleche Recht am Allgemengen ass eng wichteg Komponent, déi ech als Buergermeeschter vun der Gemeng Käl erabrénge kann. Zesumme mam Etienne Schneider hunn ech am Käler Schäfferot dofir gesuergt, datt och an der Gemeng Käl tëscht 2006 an 2010 e frësche Wand mat villen Innovatioune geblosen huet.

Wann ech gewielt ginn, maachen ech als éischt:
Alles, datt et viru geet am Land, an net all Dossier am Prozedur-Dschungel ënner geet.

Wann ech net grad schaffen oder Politik maachen, dann:
Këmmeren ech mech ëm mäin Hond Yes a meng zwee Ieselen Finny an Tony.

Dës Reform oder Erfindung bewonneren ech am meeschten:
Wahlrecht fir Fraen am Joer 1919, wou mer als Lëtzebuerger eemol fréi u waren.

Gléck ass fir mech:
Zesumme mat Kollegen ze sinn.

Am léifste géif ech op dëser Plaz vun der Welt liewen:
Hei am Kayldall: do wou tëscht 1840 an 1978 Minette gebrach ginn ass an haart ënnert an iwwert dem Buedem geschafft ginn ass, wou d'Natur sech dat haut erëm hëllt, wat zerstéiert gi war.

Meng Stäerkte sinn:
Vun hei ze sinn, eise Schlag vu Leit ze kennen.

A meng Feeler / meng Schwächten:
Ongedold, ënner anerem...

Am léifsten iessen an drénken ech:
Velouté aux andouillettes mat engem wäisse Costières de Nîmes.

Zur Zäit liesen ech:
D'Heemecht aus dem Joër 2003, dem Camille Robert seng Artikelen iwwer d'Archeologie vun Esch, Schefflëng, Käl, Téiteng, Rëmeleng, Monnerech.

Am beschten entspane kann ech mat dëser Musek:
Ech lauschteren nëmme Radio.

Wann ech kéint mat enger reeller oder fiktiver Persoun tauschen, da wier ech am léifsten:
Mam Obélix. Et gëtt eng Planche, wou den Druide Panoramix seet „Il devient vif par instants, ce garçon !"

Mäi Liewensmotto:
Ech hat mat 16 Joër Kriibs un der Schilddrüs, war a sinn zu Villejuif a Behandlung: dofir, all Dag genéissen.

„Frësche Wand fir Lëtzebuerg. Mat der LSAP.“

D'Finny am Gaart.

Een Hobby: Mountainbike.

Mam Petz Marx a mam Max Wagner an ongewinnter Tenue.